adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Spéitstens am September muss déi polizeihistoresch Sammlung vum Policemusée dat historescht Gebai um Verluerekascht verloossen. D'Policemusée asbl krut zougeséchert, datt en Deel vun dëser Sammlung am Keller vum Kulturzentrum zu Capellen ënner Daach komme wäert. Allerdéngs héchstwarscheinlech just fir fënnef oder sechs Joer. Dono wëll d'Gemeng Mamer déi entspriechend Ausstellungsfläch erëm fir aner Zwecker benotzen. Een aneren Deel vun der polizeihistorescher Sammlung wäert viraussiichtlech an enger Logistikhal vun der Police een neit Ënnerdaach fannen, allerdéngs, sou wéi et ausgesäit, och just provisoresch. Wat dono mat dësen Ausstellungsstécker geschitt, ass ongewëss.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1) Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt **all** d'Ausstellungsstécker vun der polizeihistorescher Sammlung een neit Ënnerdaach op deenen zwou genannte Plaze fanne wäerten, an datt dës Léisung just provisoresch ass? Wann net: Wat geschitt mat deenen Ausstellungsstécker, déi net kënnen ënnerbruecht ginn?
2) Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt d'Ausstellungsstécker just provisoresch op deenen zwou Plazen ënnerbruecht ginn?
3) Ass d'Regierung drun intresséiert, déi an Zukunft "opgespléckte" Sammlung iergendwann erëm op enger Plaz zesummenzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten